LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service national de la jeunesse

# Synthees 3e Rendez-vous du Cadre de référence – Jeunesse (15.05.24)




Den nationale Cadre de référence fir déi non-formal Bildung, deen 2016 a senger 1. Editioun erauskoum, muss reegelméisseg den Entwécklunge vun der Gesellschaft a vum Secteur ugepasst ginn. Déi nächst Editioun, déi fir Enn 2025 geplangt ass, soll am Austausch mam Secteur ausgeschafft ginn. Aus dësem Grond ginn an de Joren 2023-2025 am Ganze 6 Echangen, ënnert dem Numm "Les Rendez-vous du Cadre de référence" (les RdV du CRN), mam Secteur organiséiert. Dës Rendez-vous'e gi vum Service national de la jeunesse organiséiert.

Um 1. Rendez-vous gouf iwwert déi allgemeng Notzung vum Cadre de référence, d'Bild vum Jonken an d'Haltung vum Pedagog / vun der Pedagogin geschwat. Um 2. Rendez-vous goufen déi verschidde Rolle vun de PedagogInnen thematiséiert. Um 3. Rendez-vous stoung d'Theema Grenze vun de verschiddene Forme vun der Jugendaarbecht am Mëttelpunkt.

Unhand vu Fallbeispiller gouf iwwert d'Roll, d'Kompetenzen an d'Haltung vun de Professionelle geschwat. Déi an dëse Workshop diskutéiert Inhalter goufen zu enger gemeinsamer Funktiounsbeschreiwung synthetiséiert. Dës Funktiounsbeschreiwungen haten zum Zil, fir an Zesummenaarbecht mat de PedagogInnen e positiivt Bild vun der Jugendaarbecht ze zeechnen. D'Diskussiounen hunn an ënnerschiddleche Gruppe stattfonnt, bestoend aus Professionelle vu Jugendhaiser, Jugendservicer a Jugendorganisatiounen.

Adresse du siège :
33, Rives de Clausen
L-2165 Luxembourg

Adresse postale :
L-2926 Luxembourg

Tél :(+352) 247-86465
secretariat@snj.lu

www.snj.lu

Follgend **Conclusioune** kënnen aus dësen Diskussioune gezu ginn:

- *Valorisatioun vun der Jugendaarbecht*

Bei der Diskussioun vun der Fallbeispiller (Jugendwunnen, mental Gesondheet, Ëmgang mat Grenzen am Kontext vu Kolonien) an de Funktiounsbeschreiwungen hu Professioneller dorobber opmierksam gemaacht, dass de Begrëff vun der Jugendaarbecht an der Gesellschaft heiansdo negativ konnotéiert ass. Sou gouf konstatéiert, dass an der Gesellschaft mat de Begrëffer "JugendaarbechterIn" oder "Jugendaarbecht" verbonne gëtt virun der Playstation ze setzen oder Billard ze spillen. Dëst Bild huet sech déif verankert an ass net sou liicht aus de Käpp eraus ze kréien. Et wier an deem Kader wichteg d'Aarbecht, déi am Jugendsecteur geleescht gëtt, méi visibel ze maachen an doduerch och opzewäerten.

- *Netzwierkaarbecht promouvéieren*

Bei de Funktiounsbeschreiwunge gouf d'Netzwierkaarbecht a Kollaboratioun mat anere Strukturen a Servicer als eng zentral Roll vum Jugendaarbechter/ vun der Jugendaarbechterin definéiert. Fir de Jonken beschtméiglechst Hëllef an Orientéierung ze bidden, gëtt e gutt Netzwierk gebraucht. Et gouf op dëser Plaz erwänt, dass obwuel Lëtzebuerg e klengt Land ass, een trotzdeem net all Service géif kennen, déi ee fir seng Aarbecht mam Jonke bräicht. Déi Professionell mussen déi aner Servicer, déi am Jugendsecteur täteg sinn, vertraut maachen, sou dass am Sënn vum Jonken zesummegeschafft muss ginn. Dës Zesummenaarbecht tëscht deenen eenzelne Servicer muss vun alle Säite gefërdert ginn.

- *Ënnerscheed tëscht Haltung, Roll a Kompetenze vum Pedagog/vun der Pedagogin*

Wéi och um 1. an 2. Rendez-vous léisst sech resuméieren, dass et net ëmmer evident ass, fir d'Tâchë vun de PedagogInnen, déi mat der "Haltung", "Roll", an "Kompetenzen", zesummenhänken, kloer vuneneen ze trennen. An der nächster Editioun vum Cadre de référence sollten dës Begrëffer an d'Aufgaben, déi am a fir de Jugendsecteur geleescht musse ginn, méi kloer vunenee getrennt an definéiert ginn.

- *Grenze vum eegene Wëssen a vun den eegene Kompetenzen*

An de Funktiounsbeschreiwungen ass d'Komplexitéit vun der Roll vum Jugendaarbechter/ vun der Jugendaarbechtin erauskomm. Sou wéi de Secteur selwer, sinn och hir Rollen divers an et gëtt vill vun hinne gefuerdert: Opgrond vum ënnerschiddleche Besoinen an Interesse vun de Jonken hunn si d'Gefill, dass si sech ëmmer nees der Situatioun upasse mussen. Fir dësen Ufuerderunge gerecht ze ginn, gëtt vill Wësse gebraucht. Sou kënne si déi Jonk u spezifesch Servicer orientéieren oder si eegenen sech selwer Wëssen an deem Beräich un,

z.B. duerch Formatiounen. An deem Fall ass et och wichteg sech selwer ze reflektéiere fir erauszefannen, wéini et ubruecht ass sech Wëssen unzëeegnen a wéini et besser ass, de Jonken un e spezialiséiere Service weiderzeleeden.

- *Grenze vun der Jugendaarbecht*

De Jugendsecteur ass divers a bitt de Jonke vill verschidde Méiglechkeeten. Dofir sinn och d'Aufgaben, déi vun den eenzele Jugendservicer geleescht muss ginn, immens villschichteg. Heiansdo verschmëlzen esou d'Aufgabeberäicher an d'Grenze sinn net ëmmer eendeiteg festzemaachen. An dësem Kontext kënnt et laut Ausso vun de PedagogInnen ëmmer rëm vir, dass souwuel déi perséinlech wéi och déi professionell Grenzen iwwerschratt ginn. Verschidde Professioneller géifen sech dofir méi kloer Richtlinne wënschen, un deenen si sech an hirer Aarbecht orientéiere kënnen.

<u>Den nächste Rendez-vous du Cadre de référence - Jeunesse fënnt Mëttwochs, den 6. November 2024 bei de Soeurs Franciscaines um Belair statt.</u>